
# „De Muxfux huet Gebuertsdag!“

## Lëtzebuergescht Héierspill vum Sally Weyland a Corinne Wirion




**Lëtzebuerg.** D'FGIL presentéiert fir d'Rentrée 2021/2022 ënnert hirem didaktesche Material dat neit lëtzebuergescht Héierspill „De Muxfux huet Gebuertsdag“, mat séngem Billerbuch an der dozou passender Lehrerhandeichung, geschriwwen a realiséiert vum Sally Weyland a Corinne Wirion, déi an de Schoulen an d'Cyclen 1-3 fachiwwergräifend genotzt kënne ginn. Säit dem 15. Oktober sinn déi dräi Produit'en och an de Librairien ze kréien.

De Muxfux fënnt um Dag vu sengem Gebuertsdag e blénkege Bréif mat komplizéierte Wieder. Zesumme mat senger Frëndin Lussi probéieren se dësen ze entschlësselen a begéinen op hierer Sich nei Frënn: en Dausendféissler, deen an enger Hiel Botter klappt a mat Zuelen hantéiert, Kéi déi just Mëllech gi wann se laachen, Seejomessen déi Diamanten transportéieren an hier Reserve wëlle lassginn, en Iesel dee Millenzaubermiel muelt, mee nëmme wann hien net gehetzt gëtt, een Duerchsichtegen op dee se bal getrëppelt sinn, mee dee gutt Tipps huet, an een Hong wat goldeg Eeër leet an dowéinst wéimere muss. Sie schwammen duerch e Floss mat Mëllech a lecken un engem Reebou, bis si endlech alles zesummen hunn, wat op der Lëscht vum blénkege Bréif steet an domat de beschte Gebuertsdagskuch vun der Welt baken.

De Kär vum Projet ass d'Héierspill, dat op CD an engem CD/Buch vu 16 Säiten hannen am Buch befestegt ass. Dëse Produit beinhalt d'Geschicht vum Muxfux mat flotte Kannerlidder fir matzesangen an e klengt Buch mat de faarwegen Illustratioune vum Sally Weyland an de Liddertexter. Den zweeten Deel vum Projet ass een ergänzend Billerbuch mat dem vereinfachten Text zur Geschicht aus dem Héierspill fir déi Kleng a fir d'Schoule speziell fir de Cycle 1, mat engem QR-Code fir d'Iwwersetzunge vun der Geschicht op Däitsch, Franséisch, Englesch, Spuenesch, Portugiesesch an Arabesch. E weideren Deel ass eng Lehrerhandreichung mat 111 Säiten didakteschem Material, thematesch zur Geschicht, ënnerdeelt a Kapitelen an de Kategorien: Konscht, Musék, Spill, Projet, Natur an Ëmwelt, Héierverstoen, Diskussioun an Unterrichtsverweise. Et fënnt ee fir all Kapitel einfach uwennbar Aktivitéiten a Kopiervorlagen, fir nom Lauschtere fachiwwergräifend mat de Schüler ze schaffen.

D'Simone Schmit, Kanner- a Jugendpsychotherapeutin, kommentéiert dëse Projet folgendermoossen: „Mat Faarwen, Kläng, vill Humor a liewensnoen Themen, invitéiert des Geschicht eis Kanner dozou, sech um Muxfux senger Welt inspiréieren ze loossen. En Appell un d'Fantasie an d'Stäerkte vum Kand, dee méi magesch net kéint sinn.“

*Lecorsais Juliette via mywort*